

## KONTAKT

Museksschoul Déifferdeng
Aalt Stadhaus – 2. Stack
38, avenue Charlotte
L-4530 Déifferdeng

T. 58 771-1930
nathalie.morettoni@differdange.lu

Organiséiert vun:
Fondation EME – Écouter pour Mieux s’Entendre
an der Gemeng Déifferdeng

Fondation EME
Écouter pour
Mieux s’Entendre

Ville de
Differdange

Nei ab der Rentrée 19/20 och fir Mënsche mat spezielle Bedierfnisser

# Musek fir jiddereen

**Zesumme musizéieren a Spaass hunn ass eist Zil.**

## WIEN?

Hues du Loscht, fir d'Dier an d'Welt vun der Musek opzemaachen?

**Jidderee ka Musek maachen a Musek erliewen.**

Obs du kleng bass oder grouss, obs du verschidden Aschränkungen hues oder aner Bedierfnesser, jidderee kann een Instrument spillen.



## WAT?

Musekscourse fir Mënsche mat Aschränkungen a besonnesche Bedierfnesser, egal wéi en Alter, egal wéi en Handicap.

Zesumme mat kompetente Leit aus der Museksschoul kanns du Musek léieren, an dat ganz no dengen individuelle Bedierfnesser an dengem Rhythmus.

## WÉI?

Am Grupp eng éischt Approche zur Musek kréien, fir duerno individuell oder am Grupp een Instrument ze léieren.

Komm an d'Museksschoul schnupperen an ausprobéieren a fann dat passend Instrument fir dech.

## FIRWAT?

Musek ass een Ausdrocksmëttel an erméiglecht all Mënsch eng Form vu Kommunikatioun a Kreativitéit.

Egal ob mat oder ouni Aschränkung, jidderee soll d'Méiglechkeet kréien, aktiv um Museksliewen zu Lëtzebuerg deelzehuelen a sech mat engem Instrument ze identifizéieren.

**Zesumme wëlle mir Spaass hunn um Musizéieren an iwwer Musek Brécke bauen.**

## WOU?

Zu Déifferdeng an der Museksschoul:
38, avenue Charlotte
L-4530 Déifferdeng